



de Gefaangenentransport. Dir hutt et virdu gesot, wann héich geféierlech Leit missten transportéiert ginn, déi sinn ausgerüst fir dat kënnen ze maachen. Déi sinn ausgebild dofir. An dofir solle mer et entspreichend och dobäi beloossen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet Henri Kox.

8. Question élargie n° 78 de M. Dan Biancalana relative à la réforme de la législation en matière de protection des majeurs incapables

Den nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut ass d'erweidert Fro Nummer 78 vum Här Dan Biancalana iwwert d'Reform vun der Legislatioun a puncto Schutz vun den Incapables majeurs. Dem Froesteller sti fénnef Minutten zou, fir seng Haaptfro an o den Äntwert vun der Madamm Ministesch eng Zousatzfro virzedroen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Dan Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Dan Biancalana (LSAP)**.- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, an der leschter Publikatioun „La justice en chiffres“ vum Joer 2019 kann een noliessen, dass d'Tutellesrichtur vu Lëtzebuerg an Dikrech am Ganzen en charge si vu 4.300 Dosieren. Et handelt sech also hei ëm Mënschen, déi sech, esou wéi d'Gesetz vun 1982 iwwert d'Incapables majeurs et virgesäit, an engem vun deenen dräi follgende Regimier befannen: d'Sauvegarde de justice, wat déi wichtegst Form vu Schutz ass; d'Curatelle, eng intermédiaire Form, an d'Tutelle, wat am Fong déi stäerksten a komplettste Form ass.

Am Virfeld gëtt jo ganz oft eng Enquête gemaach, fir sech kënnen e Bild ze maachen iwwert déi perséinlech familiär a finanziell Situatioun vun der Persoun, fir dass dann och deementsprechend duerno eng Mesure ka geschwat ginn, déi esou wäit wéi méiglech individualiséiert ass. Et si ganz oft komplex Situatiounen, déi duerno d'Tuteuren, d'Elteren, d'professionell Associatiounen, d'Affekoten um Terrain mat vill Engagement, Professionalitéit a Fangerspëtzegefill ze geréieren an och ze begleeden hunn. Et héiert een awer och, dass dës Acteuren net genuch Moyenen hunn, fir hirer Aarbecht effektiv op eng effikass Aart a Weis kënnen nozekommen.

Déi Betreffen, déi geschützt solle ginn, befanne sech an enger ganz vulnerabler Situatioun, wou se an hirem Alldag beanträchtegt sinn, entweder duerch eng degenerativ Krankheet, Demenz, duerch eng geeschteg, physisch oder sensoruell Behënnung oder duerch psychesch Problemer. Statistesch sinn et virun allem eeler Leit, déi een am Tutellesregimm erëmfënnt, an déi huelen natierlech och vu Joer zu Joer zou. An 2013 ass nach en zousätzleche Punkt derbäkomm. Dës Chamber huet den Abus de faiblesse am Code pénal ageféiert als zousätzlechen Dispositif.

De Koalitionsaccord gesäit vir, dass d'Gesetz vun 1982 soll reforméiert ginn. Deemools huet de Gesetzgeber sech jo staark un der deemoleger franséischer Gesetzgebung vun 1968 orientéiert. Entretemps ass d'Gesetz a Frankräich 2007 komplett reforméiert ginn an 2019 erëm weider modifizéiert ginn. Eis belsch Noperen hu säit 2013 e komplett neit Gesetz. Béid Länner inspiréiere sech maassgeblech um der UNO-Konventioun vun 2006, déi d'Rechter vun Schutz vu behënnerte Mënschen definéiert. An dat wëlle mer hei zu Lëtzebuerg jo och maachen.

An deem Kontext geet et jo drëms, dass déi betraffe Persounen esou vill wéi méiglech an hirer Autonomie ënnerstëtzt ginn an, effektiv, dass hir fundamental Rechter esou wäit wéi méiglech kënnen ausgeübt ginn, well se als vollwäerteg Membere vun eiser Gesellschaft gesi ginn. An d'Iwwerpräiung och an deem Kontext vun der Necessitéit an der Prinzippie vun der Proportionalitéit an der Subsidiaritéit rëckelen hei also vill méi staark an de Vierdergrond. An anere Wieder: D'Gericht hält haut also Mesuren, déi esou mann ewéi méiglech individuell Fräiheeten aschneide sollen. An dat ass e Paradigmewiessel, dee vun der klasschescher Protektioun ewechkënn, vun der Entmëndegung ewechkënn Richtung Promotioun an Assurance vun der Rechter. An heibäi ass natierlech och de Rôle vum Tuteur e ganz wichtige, déi Betreffen als vollwäerteg an aktiv Bierger vun eiser Gesellschaft ze begleeden.

Déi Reformen a béide Länner ronderëm de Schutz ginn awer och méi wäit, well se och e Mandat de protection future aféieren. An deem Sënn kann eng Persoun, éier se iwwerhaapt an d'Situatioun kënn, wou e Schutz vis-à-vis vun hir néideg wier, par anticipation an aus fräie Stécker am Fong déi Persoun designéieren, déi hir Volontéit an hir Interesse representéiert a protegéiert. An en plus si bei eisen Noperen d'Mesuren, déi d'Gericht hält, och als temporär unzegesinn a si ginn dofir och reegelméisseg an automatesch reevaluéiert.

Esouwuel déi aktuell Terminologie an eise Gesetz vun der Notiouen vun den Incapables majeurs wéi och d'Virstellung an der Mémoire collective, dass iwwert déi Mënschen d'Hand muss gehale ginn, ass effektiv ganz iwwerlieft. Mir kënnen se net méi als „incapable“ aus deene Consideratiounen erausgesinn.

An deem Sënn wéilt ech der Justizministesch folgend Froe stellen: Wou si mer mat der Reform vum Tutellesgesetz drun an ënner wéi enger Form wäert och d'UNO-Konventioun vun 2006 an déi legislativ Aarbecht mat afléissen? Op wéi enge Punkten, déi reforméiert musse ginn, gesitt Dir Handlungsbedarf? Wéi ka momentan awer och an Zukunft deenen zoustänneg Servicer, déi sech ëm déi Persounen, ëm déi Mënsche bekëmmern, besser ënnert d'Äerm gegräff ginn, fir dass se hir Betreierung esou gutt wéi méiglech kënnen am Alldag maachen? A wéi gesitt Dir d'Dispositiounen vun eisen Nopeschlänner, dass dës Mesurë wéi d'Curatelle an d'Tutelle méi reegelméisseg op hir Necessitéit iwwerpräift ginn, respektiv wéi gesitt Der d'Afféierung vum Mandat de protection future?

Ech soen lech villmools Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Biancalana. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

■ **Mme Sam Tanson, *Ministre de la Justice***.- Merci, Här President. Merci, Här Deputéierten, dass Dir dee ganz wichtige Sujet op den Ordre du jour haut vun der Chamber gesat hutt. Mir hunn eng Populatioun, déi ëmmer méi al gëtt. Mir hu vill Leit, déi eeben duerch hir Kränkt hir Moyenen zum Deel verléieren. A mir mussen ons onbedéngt - an dat ass och am Plan d'action vun der Regierung, deen 2019 ugeholl gouf - do der aktueller Zäit upassen an och wierklech déi Leit respektéieren an hirer Capacitéit an hinnen och vill méi ënnerschiedlech nuancéiert Moyene ginn, wéi mer dat haut maachen, well mer haut relativ séier vun allem, all Recht, bis zu kengem Recht iwwerginn, wat ech problematesch fannen, och eeben am Hibleck op d'Konventioun fir d'Rechter vun de behënnerte Leit.

Wéi gesot, de Plang, deen den 20. Dezember 2019 ugeholl gouf, dee fir d'Mise en œuvre vun der Konventioun zoustänneg ass, dee gesäit 29 Prioritéite vir, 55 Objektiv a 97 konkret Aktiounen. An eng, een Deel dovunner ass eeben deen, deen elo deen heite Volet betrëfft.

Mir hunn natierlech wëlles ze legiferéieren. D'Aarbechte si bei eis am Ministère amgaangen. Et ass asoufren eng e bësse méi komplizéiert Geschicht, well natierlech, dat eent ass einfach de gesetzleche Kader, dat huet ee relativ séier en place gesat. Do maache mer e Comparatif vun den - wéi Der och ugeschwat hutt - Legislatiounen am noen Ausland. Mir wëllen awer och e bëssen doriwwer erausgoen, well et och interessant Erfahrungswärter e bësse méi wäit ewech gëtt.

An da kënn awer dee ganzen institutionelle Volet niewendrun, ouni dee mer hei net kënnen schaffen. Dat heescht, et ass eng Prise en charge, déi gemaach gëtt, déi och haut scho ganz gutt gemaach gëtt vun enger Retsch vu Servicer. Et muss e Mediateur en place gesat ginn, et muss Kontrollen en place gesat ginn, soudass dee Volet nach e bësse méi Zäit wäert huelen. Do wäerte mer och nach vill Echanging hu mat de Professionellen aus dem Secteur.

Vläicht e puer Zuelen: Et si wierklech vill d' Tutellen a Mesures de protection, déi um Geriicht unhängeg sinn. Op den 31. Dezember 2020 war et insgesamt en Total vu 4.453. Dat sinn der 3.618 hei an der Stad, dorënner 343 Dossiere vun Tutelle a Curatelle, an 835 zu Dikrech. Dir héiert schon, dass dat ganz vill Aarbecht ass fir d'Richter, déi en place sinn an déi och wierklech méi Effektiver gären hätten, an och mir deem wäerte Rechnung droe beim Plan pluriannuel, an notamment och fir d'Comptable, fir eeben och d'Verifikatiounen kënnen ze maachen, soudass ech der Meinung sinn, dass mer dat wierklech nach musse verstärken.

Et kënn derbäi, dass mer eng ganz Retsch vun Associatiounen hunn an deem Beräich, déi och wierklech virbäi an hannerwider sinn, déi, à ce stade, net konventionéiert sinn, dat heescht, déi op d'Prestatiounen bezuelt ginn. Dat ass och eng Demande, déi virläit, dass mer do solle konventionéieren. All dat wäert am Kader vun der Reform passéieren.

Dann: En Deel vun deenen Tutellé gëtt gemaach iwwer Affekoten. Do huet de Barreau - wou ech ganz frou driwwer sinn - elo eng Formatioun en place gesat, wou dann d'Affekoten, déi déi Formatioun suivéieren, op eng Lëscht ageschriwwen ginn, well et schon awer eng ganz spezifesch Matière ass.

Dee belsche Modell ass een, deen ech wierklech ganz interessant fannen, well en eeben déi verschidden Niveaue virgesäit vu Protektioun an och e Suivi, e reegelméisseg Suivi, virgesäit. Dat fannen ech och wierklech wichtig, dass net eng Mesure eng Kéier en place gesat ass an dann esou bestoe bleift. Mee natierlech, wie „reegelméisseg Suivi“ seet, dee seet och „Moyens en personnel“, dat dat muss kënnen maachen.

An dann Är lescht Fro zum Mandat de protection future. Och dat ass eppes, wat ee vill elo an deenen neie Legislatiounen gesäit, eppes, deem géintiwwer ech och ganz positiv agestallt sinn, well een da ka selwer decidéieren. An dat ass jo dat, wat mer eigentlech all gär eng Kéier hätten an esou ville Beräicher wéi méiglech: selwer decidéieren, wat geschitt. An natierlech wäert ëmmer eng Kontroll musse stattfannen an ëmmer musse gekuckt ginn, dass am Interêt vun där Persoun, déi concernéiert ass, Decisiounen geholl ginn.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools der Madamm Justizministesch Sam Tanson.

9. 7407 - Proposition de loi modifiant le Code pénal aux fins de sanctionner le comportement voyeuriste

Mir kommen elo zur Proposition de loi 7407, enger Ofännerung vum Code pénal, wat de Voyeurismus ugeet. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

■ **M. Gilles Roth (CSV), *auteur-rapporteur***.- Jo, merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ufänken, andeem ech der Justizministesch, dem Sam Tanson, e grouse Merci ausschwätzen. Firwat? Ma si huet et eigentlech erméiglecht, dass konstruktiv Oppositionsaarbecht - déi ass jo erwünscht - dann och elo ka konkret zum Droekommen.

An ech hu mer kuerz d'Méi gemaach ze recherchieren, wéi vill Gesetzespropositionen - also vusäite vun der Opposition - déi lescht Joren d'Hürd hei an dem Chambersplenum gepackt hunn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV), *auteur-rapporteur***.- Abee, ech si bis d'Joer 1999 zrëckgaangen an ech konnt keen esou e Fall ausfindeg maachen.

(Interruption)

Et ass also gewëssemooßen, géif ech soen, op deem Plang eng Première, déi sech haut och an dem Sënn zoudréit. An ech géif mer wënschen, ech soen dat och gradesou dättelech, dass et vläicht en Neufank wier vun engem méi oppenen, méi éierlechen an och méi fairen Émgang mateneen. Eng Rei Gesetzespropositionen si jo nach an der Prozedur. An ech géif mer wënschen, dass och aner Regierungsmembere ewéi d'Madamm Tanson sech dem Beispill vun hir géifen uschlëssen an et eeben net ëmmer just no der 31:29-Logik géif lafen, well keen huet déi absolutt Wourecht, déi politesch Wourecht, gepacht. An ech soen och ganz kloer: och mir net als CSV!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 12. Februar 2019, also viru bal genau zwee Joer, eppes méi wéi zwee Joer, hunn ech d'Éier gehat, am Numm vun der CSV-Fraktioun dës Gesetzesproposition hei am Haus ze deponéieren. Et sinn zu dëser Gesetzesvirlag eng ganz Rei Avisen erakomm vun der Justizautoritéiten, déi mer och als Kommissioun am Detail studéiert hunn a wou mer och als Kommissioun vun der Justiz eng ganz Rei vu Verbesserung konnte mataflësse loosse. De pertinente Remarken, déi de Staatsrot gemaach huet a vusäite vun der Justizministesch an hire Mataarbechter, huet d'Kommissioun och Rechnung gedroen. An ech wëll fir Detailler dofir op mäi schréffleche Rapport verweisen.

Et huet sech erëm bewisen, dass wuel kee Gesetzesprojet an och keng Gesetzesproposition esou an d'Justizkommissioun eraginn, wéi se dann herno och eraus eraginn.

Dir Dammen an Dir Hären, de Géigestand vun dëser Gesetzesproposition ass et, voyeuristescht Verhalten an Zukunft aanden ze kënnen. Voyeurismus - dat gëtt och nach „upskirting“ genannt am Engleschen - dat ass keen neie Phänomeen, mee sécherlech ee Phänomeen, dee sech ganz einfach verstärkt huet duerch d'Benotze vun neiem Computer-, Informatikmaterial, vun Hard- a Software, duerch nei Technologien, awer och virun allem d'Verbreedung vun de soziale Reseauen.

An Ausléiser fir dës Gesetzesinitiative war eng Affär, déi am September 2007 (veuillez lire: 2017) zu Lëtzebuerg un d'Dageslicht komm ass. Ëm wat ass et gaangen? Mee et ass e Mann gewiescht, deen hat systematesch - systematesch! - an de stättesche Busser Mataarbechterinne vum Europäesche Geriichtshaff mat enger Handkamera ënnert de Juppe gefilmt. De Parquet, deen huet doropshin erkläert, dass hinnen eigentlech d'Hänn gebonne waren, well déi Lëtzebuergesch Gesetzgebung näischt géif hierginn. E sougenannt „attentat à la pudeur“, dat heescht en „Ugrëff op d'Schimm“, dat ass net, wou Der deenen anere Leit ënnert d'Juppe fuere gitt, mee dat ass, wou Dir eigentlech lech, also plakeg exposéiert an doduerch d'Intimitéitsphär vun der Leit an hir Warneemung beaflosst. An déi bekannten Infraktiounen, wéi ech dat elo er-

kläert hunn, déi waren net uwendbar op dee Mann an dee konnt och duerfir net poursuiviéiert ginn.

An ech mengen, mir waren eis deemools allegueren eens, dass esou ee Verhalten net dierft ongestrooft bleiwen. A Frankräich gouf dat Feelverhalten 2018 iwwer eng sougenannte „loi Schiappa“, vum Numm vun där aktueller Ministesch, ënner Strof gestallt. Eis belsch Noperen déi hate schon 2016 gekuckt, fir op dësem Plang ze legiferéieren. A weider Länner, déi nach bäkomm sinn an déi ech wëll ernimmen, dat sinn zum Beispill Kanada, e Land dat eng ganz progressiv Legislatioun huet, Groussbritannien, mee och eist Nopeschland Däitschland.

Här President, dës Gesetzesproposition ass also e Versuch, zu Lëtzebuerg Äntwert ze ginn op eng schëllem Form - an dat muss ee ganz einfach esou soen - vu sexuellem Harcèlement op enzel Persounen. Kuerz erkläert: Dat materiell Element vun dëser Strofdot ..., dës Strofdot, déi gëtt elo an dem Artikel 385ter vun eise Code pénal, also eise Strofgesetzbuch, verankert an net wéi initial a menger Proposition ugeduecht iwwert d'Gesetz vun 1982 iwwert de Schutz vun der Privatsphär.

Ëm wat geet et elo ganz genee? Ech hunn dat versicht op Lëtzebuergesch einfach ze erklären. Also d'Strofdot besteet konkret doran, dass ech, géint hiert Averstännnis an ouni hiert Wëssen, d'Intimitéit vun enger Persoun verletzen, andeems ech mat allméiglechen technesch Méttelen hir genital Partië kucken, also bei Mann a Fra, op gutt Lëtzebuergesch gesot, „tëschtent d'Been“ a bei enger Fra och nach hir Brëscht. Dëst kann, zum Beispill, mat engem Handy geschéien oder enger Kamera respektiv engem Spigel. An de Gesetzesvorschlag, dee schwätzt hei vun „tout moyen“, also all Méttel, dat et mir erlaabt, déi intim Kierperdeeler vun enger Persoun géint hire Willen ze erblécksen.

An da geet et awer nach weider, well strofbar ass och, an do hate mer eng laang Diskussioun an der Justizkommissioun, wann ee just d'Ennerwäsch vun enger Persoun géint hire Wëlle géif kucken. Firwat? Ma well d'Affer duerch seng Kleedung oder well et sech an engem zouene Raum befënnt, legitimerweis eigentlech dervun ausheet, dass seng Intimitéit geschützt ass. A klassesch Plazen, fir dat dann och ze verdäitlechen, sinn zum Beispill eng Garderob an engem Kleedergeschäft, eng Émkleedekabinn, sanitär Installatiounen, am breede Sënn vum Wuert oder, äusserst penibel, och Toiletten.

Zum moraleschen Element vun deem Ganzen: Well mir et mat engem Vergoen, also engem Delikt, ze dinn hunn, muss de presuméierten Täter dat natierlech wësseleche a wëllentlech gemaach hunn. Dat ass allgemengt Strofrecht.

An zu dem Strofmooß och, dat heescht: Wat risikéieren ech, wann ech esou eng Infraktioun beginn oder mech schëlleg maachen? Mee d'Strofmooß vun esou engem Vergoen, dat läit bei enger Prisonsstrof vun zwee Méint bis engem Joer respektiv bei enger Geldstrof vun 251 bis 15.000 Euro.

Elo geet et awer nach weider, well nieft dem eigentleche Strofdotbestand hu mir nom franséische Modell och eng Rei sougenannt Circonstance-aggravante, also erschwéierend Tatbestänn, am Gesetz verankert. A wat sinn déi? Mee dat ass zum Beispill, wou eng maximal Strof verduebelt gëtt. Dat gëllt zum Beispill, wann d'Affer mannerjäreg ass. Dat ass jo vill méi e grave Fakt. Do läit d'Strofmooß da schonns bei sechs Méint bis zwee Joer Prision. An et kann eng maximal Geldstrof vu bis zu 30.000 Euro gesprach ginn.

Dat selwecht gëllt och zum Beispill, wa sech d'Faiten am öffentlechen Transport ofspillen, zum Beispill an engem Bus, engem Zuch, dem Tram an ech sinn och der Meinung an engem Fliger, well Opname gemaach goufen oder wa se iwwer sougenannt sozial Medie verbreet ginn, well dat op gutt Lëtzebuergesch eng richtig Sauerei ass. An och ass eng Circonstance aggravante den Alter, zum Beispill eng Schwangerschaft vun enger Persoun, eng Behënnung vun dem Affer, also all déi Ëmstänn, déi bei dem sougenannten Abus de faiblesse, wat eng aner Infraktioun an onsem Strofrecht ass, och spillen.

An am Fall vun enger Verurteilung kënnen dann och nach, an dat ass net ze ënnerschatzen, zousätzlech Strofe verhaange ginn an dat sinn zum Beispill en zäitlecht gebonnet Verbuert vum Zougang zum öffentlechen Dëngscht, vum Schaffen am Enseignement, wat eigentlech logesch ass, oder generell mat Mannerjärege ze schaffen, wann een zum Beispill an enger Crèche, enger Maison relais oder bei deene faméise Jugendtrainingen aktiv ass. Also dat kann als zousätzlech accessoire Strof gesprach ginn.

An ofschléissend, Dir Dammen an Dir Hären, och Här President, wann ech nach tout juste an der Zäit sinn, wëll ech lech Merci soen, virun allem och de Membere vun der Justizkommissioun, der Justizministesch an lech, léiwe Kollegeinnen a Kollegen, fir d'Nolauschteren, an ech erlabe mer, d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun ze ginn zu dësem Gesetzesprojet. Ech soen lech Merci.



■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Auteur vun der Proposition de loi, dem Här Gilles Roth, villmools Merci a ginn d'Wuert weider un den éischten ageschriwwene Rieder, déi honorabel Madamm Carole Hartmann.

Discussion générale

■ **Mme Carole Hartmann (DP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, « Filmer sous la jupe dans un lieu public : pas illégal ! », esou war 2017 an der Press ze liesen, wéi de Gilles Baum, de Gilles Roth, pardon, ...

(Hilarité et interruptions)

... entschëllegt, ...

(Brouhaha)

... et elo just erkläert huet. Weider stoung an der Press: Depuis cinq ans, un « homme [...] filme en toute impunité sous les jupes des femmes [...] dans les bus [...] entre la gare et le Kirchberg ». Fënnef Joer! Dat heescht, mindestens säit 2012 war hei e Mann amgaangen, Fraen onopfällég ënnert de Klee-der an an hirem Intimberäich ze filmen. An dat ass déi Zäit, vun där et gewosst ass! Wéi vill Joer huet dësen Här Frae gefilmt a fotograféiert, ouni dass een et bemierkt huet? Et wëllt ee guer net doriwwer nodenken!

An trotzdem musse mir doriwwer nodenken. Ma nodenken eleng geet an dësem Fall net duer. Et muss och eppes geschéien! An op dësem Punkt läit hei ganz kloer de Merite beim Kolleeg Gilles Roth, ...

(Hilarité)

... deen d'Initiativ vun der Proposition de loi zum Upskirting hat an deem ech och dofir Merci soen. Voyeurismus ass nämlech kee Kavaléiersdelikt. An et ass dofir och wichteg, dass mer eis eng legal Basis ginn, fir dësen ze repriméieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, schlëmm genuch, dass een hautdesdaags frieme Kameralänsen theoretesch all Dag an ouni eppes kënnen ze ënnerehuelen ausgeliiwert ass, mee ganz oft bleift et jo och net bei der Foto oder dem Film. Fir dës Biller a Filmercher gëtt et jo nach eng Demande. An et ass schlëmm, wann een doriwwer nodenkt, wat fir Tricker sech Voyeuristen afale loosser, wéi wäit se bereet sinn ze goen, fir un esou Biller ze kommen, sief dat onopfällég am Bus, wou enger Fra ënnert de Rack gefilmt gëtt, sief dat op enger öffentlecher Toilette, wou d'Kameraen am Eck verstoppt ginn, sief et an der Kabinn vun de Kleedergeschäfte oder an engem Sportsvestiär, wou heemlech an d'Kabinn era gefilmt gëtt.

Natierlech kann ee sech wieren, wann ee bemierkt, dass ee vun enger Persoun heemlech gefilmt gëtt. Natierlech kënnt Dir dohinner goen, dës Persoun dorop uschwätzen a verlaangen, dass déi Fotoe gelöscht ginn, mee wéi vill Fraen oder och Männer wëssen dann net, dass si grad gefilmt ginn, well genau dat ass jo dem Voyeurist säi Pleséier, dëst heemlech ze maachen, soudass et kengem opfällt.

Am Fall vum Presseartikel war de Mann fënnef Joer amgaangen, Fraen ze filmen. Wéi vill Fraen huet hie gefilmt, déi et bis haut nach net wëssen? Wéi vill Frae kruten et mat, mee hu sech net getraut, eppes ze soen? Wéi vill Fraen hunn nach eventuell eppes gesot, mee d'Fotoe goufen trotzdem net gelöscht? Wéi vill jonk Meedercher, Jongen oder Kanner ginn och haut nach gefilmt, déi et och net bemierken oder sech géint en Erwuesenen net ze wiere wëssen? Wéi wäit mussen d'Perversitéit an d'Sexualiséierung am Alldag nach goen, bis mer soen: „Et geet elo duer!“?

Léif Kolleeginnen a Kolleegen: Et geet elo duer! D'Privatsphär ass haut keng Selbstverständlech-keet méi an de Voyeurismus ass e Problem, deen ëmmer méi verbreet ass. De Voyeurismus, an all senger Formen, ass respektlos, degradant an iwwergrëffeg a mir kënnen a wëllen esou e Verhalen am Alldag net méi akzeptéieren! Mir si frou, dass de Voyeurismus mat dësem neie Gesetz an de Code pénal opgeholl gëtt an d'Affer an Zukunft eng legal Basis hunn, sech och hei géint d'Täter ze wieren.

Wat de Contenu vum Text ugeet, dat hat den Här Roth och scho gesot, ass an der Kommissioun konstruktiv zesummege schafft ginn. Och d'Autorités judiciaires hu ganz wichteg Propositione gemaach an hiren Avisen, notament op deem Punkt, de Voyeurismus net just drop ze beschränken, wann eng Persoun onbekleet ass. Wat fir ee Voyeurist den Intimberäich ass, ass fir en aneren eventuell d'Ënnerbox oder och e liicht bekleeten Decolleté.

Esou oder esou, ob mat oder ouni Gezei, et ass ni akzeptabel, wann eng Persoun ouni hiert Wëssen fotograféiert oder gefilmt gëtt - an nach manner am Intimberäich. Et war also wichteg, dësen Text an deem Sënn net ze vill ze limitéieren.

Als DP wäerte mir dëser Proposition zoustëmmen, fir eng méi grouss Sécherheet vun de Fraen a Männer, vun eise Kanner a vun all Mensch, deen Affer

ass vun esou engem absolutt grenziwwerschreiden den Agrëff a seng Privatsphär. Dëst gesot soen ech dem Auteur nach eng Kéier Merci, fir d'Proposition. Merci och fir säi guddéi mëndlechen a schrëftleche Rapport. An ech ginn d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Carole Hartmann. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Dan Biancalana.

■ **M. Dan Biancalana (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, mat der Gesetzesproposition, déi mer haut virleien hunn, modifizéiere mer eist Strofgesetzbuch a féieren eng nei Infraktioun an: Den „délit de voyeurisme“, esou wéi et am franséischsproochege Raum heescht, oder am angelsächsege Raum „upskirting“ genannt, soll kriminaliséiert ginn an dat soll derzou féieren, dass eng nei Form vu Verhalensweisen an eiser Gesellschaft net ongestrooft bleift. Bestrooft gëtt also déi Persoun, an den Här Roth an d'Madamm Hartmann sinn drop agaangen, déi all méiglech Moyene benotzt, fir intim Kierperdeeler oder Ënnerwäsch vun enger Persoun ze gesinn, déi se duerch d'Kleedung an duerch hir Presenz an engem öffentlechen Uert bedeckt huet. Dat muss awer geschéien à l'insu oder ouni d'Averständnis vun der betroffener Persoun.

Dës Proposition de loi ass néideg a wichteg, well déi betrafte Persoun meeschtens Frae sinn a si sinn nach ëmmer Affer vu sexueller Gewalt. Aktuell gëtt et awer, wat dës Infraktioun ugeet, an eiser Legislation zu Lëtzebuerg en totale Vide juridique, well keng spezifesch Infraktioun fir Upskirting virgesinn ass. Deemo kritt d'Justiz also och elo eng Handhab, fir dëst Verhalen ze sanktionéieren, zemools och dann, wann d'Affer higeet an eng Plainte deementspriedend mécht.

An déi ganz Situatioun ronderëm den Upskirting ass opkomm - den Här Roth huet virdru gesot, 2007 wier se opkomm -, awer och 2016 um nationalen Niveau, virun net allze laanger Zäit. An deemools hat och d'LSAP duerch eng Question parlementaire de Sujet an d'Thematik effektiv nach eng Kéier opkomme gelooss an ass drop agaangen.

Dës Gesetzesproposition, muss een awer och soen, ass wichteg, well de Gesetzgeber Schratt hale muss mat dem technologesche Fortschritt, well do nei Verhalensmuster entstinn, déi dagdeeglech an eiser Gesellschaft zum Virschäi kommen. Nei Verhalensmuster kënnen nei kriminell Charakteristike virweisen an awer nach net geaandent ginn, esou wéi dat effektiv hei beim Upskirting de Fall ass.

Dëst ass awer net nëmme de Problem zu Lëtzebuerg. Och an eisen Nopeschlänner - a meng Virriedner sinn dorop agaangen - Däitschland, Frankräich, Belsch, an England, Wales a Schottland huet de Gesetzgeber rezent misse legiferéieren. An effektiv, 2018 ass de franséische Gesetzgeber géint sexuell a sexistesch Gewalt-virgaangen an huet do ganz kloer, wéi gesot, och den Délit de voyeurisme ageféiert.

D'Verhalen, wéi ënner enger Jupe ze filmen oder Fotoen, souguer Videoe vun intime Beräicher an der Öffentlichkeit ze maachen, ouni dass déi betrafte Persounen et wëssen oder hiert Averständnis ginn hunn, kënnen an d'äerfe mer net toleréieren. Den intime Beräich ass dee privatste Kierperberäich, dee mer hunn.

Nei Technologie bréngen nei Erausforderunge mat sech. Nei legal Besoinen a Basisse muss geschaf ginn, fir neien deviante Verhalensmuster Rechnung kënnen ze droen a fir och déi kënnen ze sanktionéieren. An dat, wat mer haut hei maachen, dat dréit och zum Schutz vun der Privatsphär bäi.

Här President, dës Proposition de loi ass immens wichteg an ech wëlt och dofir hei dem Auteur an dem Rapporteur, dem Gilles Roth, e ganz, ganz grouss Merci soen, éischters fir seng Initiativ an awer och fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Merci och fir déi ganz gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht! An ech ginn och heimat den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

■ **Une voix.** - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Dan Biancalana. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wie kennt se net, déi Situatiounen am Alldag, wou ee sech op eemol net méi ganz wuel fillt, well ee sech beobacht fillt, wou een oppasst, wéi een do steet, an eventuell schonn d'Schlüsselen an der Fauscht prett hält, fir sech ze wieren, wann et eventuell misst sinn, wou een Aekontakt konsequent vermeit, wou een d'Frëndin alt mat bei den Auto beleet, fir dass se net déi puer Meter eleng muss goen, wou ee beim Erausgoen ëmmer gutt oppasst, säi Glas am Bléck ze hunn, an oppasst, dass keen

engem eppes drakippt, wou een d'Kopfhörer während dem Joggen unhuet, fir ze maachen, wéi wann een näischt géif héieren, falls een domm Remarque mécht, awer och keng Musek lafen huet, well ee wëllt héieren, falls een engem géif ze no kommen?

An ech kucken hei ronderëm mech an ech denke mer, hei sinn der sécher eng Partie heibannen, déi méi wéi eppes dovunner oft scho selwer gemaach hunn oder deenen en Deel dovunner bekannt virkënn. An déi, un déi ech denken, sinn haaptsächlech d'Fraen. Well jo, all dat kréie mir vu Klengem u ganz selbstverständlech vermëttelt, dass mer musse op eis oppassen, well d'sexuell Iwwergrëffer keng Seltenheet sinn. An an Zäite vu #MeToo dierft dat fir kee méi e Constat sinn, deen een iwwerrascht.

Sexuell Belästegung ass fir vill Fraen Alldag. Vill vun eis hunn op d'mannst eng Kéier an eiem Liewen domadder méi oder manner grav Erfahrung gemaach. An dofir soen ech natierlech net, dass et falsch ass, de Meedercher bäizebréngen, op sech opzepasssen, mee d'Fro ass: Wat gi mer eise Jonge mat op de Wee? „Educate the boys“ ass d'Stéchwuert. Et soll eeben net esou sinn, dass mer ausschliesslech de Meedercher soen, si misste gutt op sech oppassen a sech züchtig undinn, nee, et geet drëm, am selwechte Mooss eise Jongen och bäizebréngen, wat e korrekt Behuelen ass, wou Grenze sinn a wéi sou et net okay ass, am Sportunterrecht ze versichen, iergendwéi an d'Meedercherskabinen eranzeluussen. Et geet ëm d'Fro, wéi mer mat 50 % vun eiser Bevëlkerung ëmginn.

D'Fundament vun engem respektvolle Mateneen dierf roueg matzäite geluecht ginn. Schëllerzuckend ze soen: „Wat soll ee maachen, et sinn halt Bouwen.“, dat ass eeben net de Wee, well et muss kloer sinn, dass d'Intimsphär vun aneren ze respektéieren ass. Et ass ni ze fréi, fir engem bäizebréngen, dass en Nee en Nee ass, dass Witzer iwwer anere Leit hiert Ausgesinn en No-Go sinn, dass eng Jupe keng Invitatioun ass, fir ongefrot drënner ze kucken a scho guer net, fir ongefrot drënner ze filmen.

An do si mer dann och beim Sujet vun haut, dem Voyeurismus an dem sougenannten Upskirting. Ëm wat et hei geet, huet de Rapporteur jo och am Detail erkläert. Meng Virriedner sinn och schonn drop agaangen an dofir, loosst mech virun allem dem Här Roth hei och Merci soe fir Är Initiativ fir dës Proposition de loi, déi mir hei och natierlech selbstverständlech matdroen.

An Dir hutt et jo och schonn ugeschwat, 2017 war et eng Affär vun Upskirting, déi héich thematiséiert ginn ass, a virun allem d'Tatsaach, dass eis Gesetzgebung bis elo heifir keng Sanktiounen virgesinn huet, huet deemools, 2017, fir vill Onmutt gesuergt. An dofir war et hei och an eiem Sënn ze legiferéieren. Är Initiativ ass eis do zevirkomm, mee wann eng Initiativ gutt ass, da kann ee se och matdroen.

Ech wollt just soen, bon, dat huet den Här Kox mer elo nach geflüstert, et ass effektiv ganz rar, dass eng Proposition de loi duerchgeet. Mee anscheinend - den Här Kox kann dat bestëmmt och confir- méieren - huet hie selwer och de Pleséier gehat, 2007 eng Proposition de loi duerchzekréien. Deemools ass et ëm d'Patentrecht bei Objete gaangen. Voilà.

Virun allem, dass mer eeben an der Kommissioun awer och esou gutt zesummege schafft hunn, wollt ech och nach eng Kéier ervirhiewen an och dofir jidderengem Merci soen.

Eng Rei Länner hunn effektiv an dësem Beräich scho legiferéiert, och dat war ugeschwat ginn: d'Belsch, Frankräich, Groussbritannien an Däitschland. An dat bedeit eebe konkret, dass d'Victime kënne Plainte maachen, am Fall, wou si Opfer vu Voyeurismus gi sinn, an et ass eng Handhab do, fir dann natierlech och Sanktiounen auszuschwätzen. A genee dat striewe mer natierlech och haut un. Nom Dag vun haut ginn de Voyeurismus an den Upskirting, ënner Strof gestallt an d'Plainté verlaafen eeben net méi am Sand.

An dofir ass et och wichteg, dass mer haut de Message ginn: Voyeurismus muss een net klaglos iwwer sech ergoe loosser. Opfer solle Plainté maachen. Grad an Zäite vun Onlineplattformen, och dat ass ugeschwat ginn, wou esou Videoen en plus ganz schnell zirkuléieren, ass et wichteg, dëst net einfach hinzehuelen.

An dofir wollt ech d'Ministesches och froen, ob Dir eventuell kéint envisagéieren, no engem gewëssen Zäitraum, ech weess net, wat elo géif Sënn maachen, fir den Impakt vun dësem Gesetz ze evaluéieren. Well effektiv ass et esou, dass zum Beispill a Frankräich esou e Bilan gemaach ginn ass, an do war et och de Constat, dass déi nei Disposition eng reell Gesetzeslück opgefëllt huet. An ech mengen, dass et och wichteg wär, dat fir Lëtzebuerg ze maachen.

Voilà. Da soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech den Accord vun eiser Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Empain. An da wier et um honorabelen Här Marc Baum - a nee, den Här Roy Reding mell sech och nach fir d'éischt.

■ **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Ganz kuerz: Och vun der Säit vun der ADR villmools merci un de Gilles Roth fir déi exzellent Initiativ, déi mer selbstverständlech matdroen.

Mir si ganz besonnesch frou, dass eng Circonstance aggravante agesat ginn ass fir verschidde Fäll a ganz besonnesch dee vun der Diffusioun vun esou Biller, well dat ass eppes, wat fir déi Persoun, déi betrafft ass, ganz besonnesch schlëmm ass.

Mir ënnerstëtzen och déi Iddi vun deem Bilan no etleche Joren, well dat eent ass, wat fir eng Gesetzer mir hei stëmmen, an dat anert ass, wéi déi Gesetzer duerno ugewant ginn. An do ass et ganz interessant ze kucken, wat fir eng Fäll effektiv poursuivéiert goufen a wéi se finalement bestrooft goufen.

An dann zum Prinzip selwer vun der Proposition de loi, dat sollte mir Oppositionsdeputéierter eis vläicht emol mierken: Mir sollten der vill méi maachen an dann hunn d'Kolleegen op där anerer Säit och vill méi oft d'Geleechenheet, wéi an dësem Fall, se ze ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Reding. An dann ass et um honorabelen Här Marc Baum.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech mengen, dass mer hei glécklecherweis d'Unanimitéit hunn. An ech wëlt awer och net verpassen, dem Gilles Roth ze felicitéieren. Mir sinn elo grad gewuer ginn: All 15 Joer geet eng Proposition de loi duerch d'Chamber duerch.

(Interruption)

An et ass dann dee rare Verdéngscht vum Gilles Roth, dass et no 15 Joer un him, u senger Rei ass. An et ass eigentlech e Beispill, wéi eng Chamber an anere Länner awer fonctionéiert, dass d'Propositionen, déi vun der Chamber emanéieren, vun den Deputéierten emanéieren, iwwerprüft ginn op hire Gehalt an doropshin dann a Recht ëmgosat ginn. An do spillt et manner eng Roll, ob se emanéiere vun der Opposition oder vun der Majoritéit. An ech mengen, dass dat heiten awer sollt e Beispill sinn, wou mir eis als Chamber insgesamt, an natierlech och d'Regierung, sollten dorunner inspiréieren.

Dës Proposition de loi, déi dann elo Gesetz gëtt, huet de ganz grouss Virdeel, an dat hu scho vill Virriedner gesot, dass se e Vide juridique combliert, deen zréckgeet op e ganz konkrete Fall, deen, mengen ech, zu Recht och d'Öffentlichkeet an Oprou versat huet an deen natierlech duerch d'Amplifikatioun vun de Moyenen, déi mer haut hunn, déi et haut ginn, nach vill méi staark gëtt. Jiddweree leeft haut quasi mat enger Kamera duerch d'Geigend, wat viru 15 oder virun 20 Joer op jidde Fall an deem dote Mooss net de Fall war. An natierlech kënnt dann och d'Verbredung derbäi, déi méiglech Verbredung iwwer sozial Reseauen, déi ganz nefast Konsequenze kann hunn.

Am Fong geet et bei dësem Gesetzestext ëm näischt anescht wéi ëm déi physeschen an déi psychesch Integritéit vun enger Persoun, déi muss gewaart bleiwen ënnert alle Konditiounen. An dat ass e ganz, ganz wichtige Prinzip, dee mir natierlech och adheréieren, an dofir stëmmen mer dat hei Gesetz och mat.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Marc Baum. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Här President, merci dem Gilles Roth fir seng exzellent Initiativ, dass mer dëst wichtegt Gesetz haut hei am Haus d'äerfen ofstëmmen. Een Dag nom Weltfraendag mécht dann och Lëtzebuerg endlech de wichtige Schrëtt, de sougenannten Upskirting an de Voyeurismus ënner Strof ze stellen.

Persounen a Vestiären oder Toilette vun öffentlechen Aarrichtungen ze beobachten, wéi se sech ausdinn, a Fraen den Handy ënnert d'Jupe ze halen, ass e ganz klaren Iwwergrëff. Dat war deene meeschte glécklecherweis och bewosst, mee verbuede war et trotzdem net. Obwuel Frankräich scho virun zwee Joer an d'Belsch souguer scho viru véier Joer entsprechend Gesetzer gestëmmt hunn, hat zu Lëtzebuerg awer déi Gesetzgebung bis elo eng grouss Lück. Do muss ee sech d'Fro stellen, firwat net éischer eppes gemaach ginn ass, fir dës Form vu sexualiséierter Gewalt ze verbidden. Wéi esou oft, wann et ëm de Sujet vun der sexualiséierter Gewalt a Belästegung geet, sinn et d'Fraen, déi leider am heefegste betrafft sinn. Obwuel et ëmmer den Täter ass, deen am Onrecht ass, sinn et trotzdem vill ze oft d'Affer, déi sech upassen.

Affer mussen sech och emol esou deplacéiert Froe gefale loosse wéi déi, ob dann d'Jupe net vläicht einfach ze kuerz war, wann een onbemierkt drënner filme konnt. Dat ass en No-Go! Mee ganz egal, wéi



kuerz eng Jupe ass, a ganz egal, wéi voll de Bus oder Zuch ass, et ass ni dem Affer seng Schold, wann een ouni Zoustëmmung ze no kënnst oder Fotoe mécht.

Dofir ass et esou wichtig, dass mir mat dësem Text eng Gesetzeslück zoumaachen, déi eppes verbitt, vun deem mir eis all eens sinn, dass et net legal dierf sinn, well et ëm Handlung geet, déi ouni dem Affer seng Zoustëmmung vollzu ginn.

De Kritär vun der Zoustëmmung an d'Recht, seng Zoustëmmung och zu all Zäitpunkt nees entzéien ze kënnen, mussen an eiser Gesetzgebung e besonnencht Gewiicht hunn, an dëst och iwwert dës punktuell Gesetzprojert eraus.

An de leschte Joren ass en Ëmdenken ze erkennen, wann et drëms geet, wéi joerzëngtelaang gesellschaftlech toleréiert ginn ass, dass Männer Fraen ouni hir Zoustëmmung ze no komm sinn. Hei muss de Legislateur endlech kloer Gesetzer maachen an domat déi Beweegung, déi gesellschaftlech zu dësem Thema opkënnst, ënnerstëtzen.

Do leescht och dësen Text säi Bäitrag. An dofir wëll ech och de Kollege vun der Oppositoun villmools Merci soe fir dës Proposition de loi. Mir Piraten wäerten dëst Gesetz haut natierlech matstëmmen. Mir dierfen hei awer elo net ophalen. Dëst Gesetz deckt e puer ganz spezifesch Fäll of, an dofir huet et seng Daseinsberechtigung. Mee trotzdem hu mir nach e wäite Wee ze goen, fir de Prinzip vun der Zoustëmmung, vum Konsens weider ze stäerken.

Eis Gesetzgebung war scho virun der Digitaliséierung alles anescht wéi perfekt. De Fait, dass bal jidderee quasi zu all Moment eng Kamera an der Täsch huet, huet d'Situatioun sécher net vereinfacht.

Mir müssen eis Gesetzer iwwerschaffen, Lücken zoumaachen an Texter un d'Verännerunge vun der digitaler Welt upassen. Gläichzäitig muss gesellschaftlech Prozesser ënnerstëtzt ginn, déi al Musteren a Fro stellen an den Einzelne stäerken. Dësen Text ass e wichtige Schrëtt, fir d'Protektioun virun Handlungen ouni Zoustëmmung ze verbesseren. Mee et bleift nach vill ze maachen.

Merci.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministersch Sam Tanson.

Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, Här Reporter, vläicht e kuerzt Wuert zur Form, well dat hei esou ervirgestrach gouf. Ech muss lech soen, ech hunn et nëmmen normal fonnt - vu dass den Text absolutt mengem Wonsch entsprach huet, fir an där doter Saach ze handelen, an dass mer, knapps nodeems ech d'Fonctioun iwwerholl hunn, och en Avis vum Staatsrot haten, dee schonn Är Proposition de loi begutacht hat, an ech, ausser deene puer Remarken, déi mer an der Kommissioun herno diskutéiert hunn, notament dass mer et sollen an de Code pénal eraschreiwen, keng fundamental Ännerungen un deem Text ze proposéieren hat -, dass mer och op deem doten Text weidergeschafft hunn, well et en eminent wichtige Sujet ass, dee mer muss legiferéieren a wou et elo net nach x aner Voleten ze traitéiere goufen, mee just deen doten, a mer dat am effikasse konnt en iwwert deen heite Wee maachen. Duerfir merci, dass Der déi Initiativ geholl hutt, a merci, wéi ëmmer, fir déi bal ëmmer konstruktiv Diskussiounen an der Justizkommissioun, wou mer jo elo hei e wierklech gudden Text zum Vott kënnen stellen.

Ech wollt awer dovunner profitéieren, fir och nach eng kéier dat Ganzt an de Kontext ze setzen, an deem et sech befënt. Et ass scho vun e puer vun de Virrieder ugeschwat ginn: Mir hunn effektiv nach e Wee ze maache beim Schutz vun enger ganzer Rëtsch Deeler vun eiser Populatioun, wann et ëm Agrëffer geet an hir Integritéit, sief et wéi hei elo d'Privatsphär, sief et awer och Agrëffer, déi nach vill méi wäit ginn, wann ee vun engem Viol schwätzt, wann ee vun Inzest schwätzt, wann een och vun Diskriminatiounen schwätzt, déi engem kënnen d'Liewe wierklech ganz zur Häll maachen.

An dat sinn e puer Punkten, déi mir extreem wichtig sinn an op deene mer amgaange sinn ze schaffen: d'Verlängerung vun de Prescriptiounen bei de Violence-sexuellen, awer och méi generell bei allem, wat Hate Crime ass, dat méi ze generaliséieren, well ech der Meinung sinn, dass mer als politesch Responsabel wierklech der Gesellschaft an deene Schwächsten an der Gesellschaft dat schëlleg sinn, dass mer deen néidege Kader ginn, fir se ze schützen virun deenen dote Situatiounen.

Dat eent ass natierlech - an ech kucken och op d'Familljeministersch -, dass ee ka ganz vill iwwer Preventioun maachen. Et ass ugeschwat ginn, dass ee kann d'Leit vu klengstem u sensibiliséiere fir déi Sujeten, dass mer jiddweree responsabiliséiere vu

klengstem Alter un iwwert déi dote Froen. An dat anert ass eeben, dass mer awer och do opfänken, wou dat net gelongen ass, an dass mer Grenze setzen, dass déi Grenze ganz kloer sinn, dass et evident ass, dass verschidde Saachen net ginn an dass, wann dat net geet, een dann net nëmme ka Plainte féieren, mee dass dat och zu enger Strof féiert.

An duerfir wierklech merci fir deen Text. A mir wäerten nach déi eng oder déi aner Geleeënheet an deenen nächste Méint kréien, fir iwwer änlech Texter hei ze diskutéieren, well se d'Essenz sinn och vum Rechtssystem, dass mer déi vulnerabel Leit, do wou et néideg ass, schützen an eisem Land.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools der Madamm Justizministersch Sam Tanson.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 7407. Den Text steet am Document parlementaire 7407⁶.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 7407 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Proposition de loi mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Aly Kaes), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding;

MM. Sven Clement et Marc Goergen;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

10. Question élargie n° 76 de M. Léon Gloden relative à la délinquance juvénile

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut ass d'erweidert Fro Nummer 76 vum Här Léon Gloden iwwert d'Jugendkriminalitéit. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vun der Regierung eventuell eng Zousazfro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Dës Fro riicht sech souwuel un d'Madamm Justizministersch wéi och un de Minister fir bannenzeg Sécherheet. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här President. Enn Januar ware mer all schockéiert an opgeschreckt duerch déi déidlech Messerattack tëschent Jugendlechen zu Bouneweg. Enn Januar an uganks Februar ware méi Incidenten tëschent Jugendlechen hei an der Stad Lëtzebuerg, awer net nëmmen.

Mir liewen, jo, aktuell a schwierigen Zäiten. D'Pandemie bedeit fir eis alleguer grouss Aschnëtter an eis Fräiheeten. Corona ass duerfir och grad fir déi Jonk eng schwierig Zäit. Coronabedéngten Aschränkungen hunn en negativen Impakt op déi Jonk, op d'Psych vun deene Jonken.

Deen Ausgläich, dee se an normalen Zäiten an der Ausübung vun hiren normalen Aktivitéite wéi Sport oder soss Saache fannen, fënn momentan nëmme bedéngt statt. Dëst gesot, ass et awer och ganz kloer, dass der Corona keng Rechtfertigung ass fir eng stroferechtlech Handlung. Laut Policestatistike vun 2018 waren 2017 vun 23.911 Stroftäter 2.220 Jugendlecher. Laut Statistike vum Justizminister 2019 si mer bei de Strofdoten duerch Jugendlecher vun 73 op 155 Infraktiounen eropgaangen.

ZurZäit hu mer zu Lëtzebuerg véier Jugendriichter, a jidderee muss tëschent 800 an 1.000 Dossieren traitéieren. Op de 5. Februar 2021 ware vun zwielef Plazen an der Unisec zu Dräibuer eelef Plaze besat. D'Kriminalitéit a besonnenesch d'Jugendkriminalitéit bedeiten am Endeffekt och e Versoe vun der Gesellschaft, also vun eis alleguer. Et ass e wichtige Problem, et ass e villschichtige Problem, deen eng enk Zesummenaarbecht vu ganz villen Acteure viraussetzt.

Wann ech mech haut haaptsächlech, awer net nëmmen, un de Policeminister riichten, läit dat dodrun, datt d'Police eebe geruff gëtt, wa Saache komplett aus dem Rudder lafen, an dat war eeben an de leschte Wochen des Éfteren de Fall. D'Police agéiert awer net nëmmen um repressive Plang, mee och preventiv.

Duerfir meng Froen: Wéi kann/wëllt d'Police hei verstärkt preventiv aktiv ginn? Ginn et konkret Pisten, déi hei envisagéiert ginn? Wéi eng sinn dat? Wéi schafft d'Police zum Beispill mat de schouleschen Acteuren zesummen, mat de sozialen Dëngschter?

Op repressivem Plang: Kann de Policeminister déi virgenannten Zuele bestätegen? Wéi erkläert de Minister sech déi rezent Gewaltakten, besonnenesch zu Bouneweg an um Kierchbiere? Ginn et sougenannte Hotspots vu Jugendkriminalitéit? Ginn et sougenannte Jugendbanden zu Lëtzebuerg? A wéi engem Beräich sinn dës Banden aktiv? Mécht d'Police en enke Suivi vun dësen, och fir se dovun ofzebréngen, nei Strofdoten ze begoen? Jo, de Suivi vu Jugendlechen, och fir se erëm an d'Gesellschaft eranzeféieren, ass ganz wichtig.

Här President, et heescht esou oft: „Déi Jonk sinn eis Zukunft.“ Wa Jugendkriminalitéit verstärkt optaucht, soll dat eis alleguernten interpelléieren, well dat och e stéckwäit e Versoe vun eiser Gesellschaft ass. Duerfir ass et wichtig, datt et, och op Bestriewe vun der CSV hin, e Jugendschutz an e separat Strofrecht fir Jugendlecher soll ginn. D'Madamm Justizminister ass amgaang, dorunner ze schaffen.

Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Gloden. D'Regierung huet d'Wuert. Fir d'éischt den Här Minister fir d'bannenzeg Sécherheet, den Här Henri Kox.

■ **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Merci, Här President. Merci och dem Här Gloden fir déi Fro - pardon, ech huele d'Mask emol ewech -, dat erlaabt mer, e bëssen d'Situatioun ze beschreiben, awer och méiglech Pisten opzeweisen, wéi mer mat deem Phenomeen kënnen eens ginn.

Dir hutt et awer selwer an Ärer Ausféierung gesot, d'Leit vun der Police sinn déi, déi geruff ginn, wann eppes schifleeft an der Gesellschaft, et sinn déi, déi natierlech direkt intervenéieren a müssen intervenéieren, wann eppes passéiert. Dofir, mengen ech, ass eis Police och dauernd ënnerwee, fir méiglechst gutt do de Mann an d'Fra ze stoen.

Dir sot et selwer, et ass e villschichtige Problem, an dofir wollt ech op verschidden Aspekter agoen. Dat Éischt ass: Dir liest dat natierlech och, wat an der internationaler Press steet, wat ronderëm eist Land lass ass a Frankräich, ouni wëllen do op déi eenzel Situatiounen anzegoen. Mee effektiv gëtt et e Phenomeen a Frankräich, dat vun esou Jugendbande schwätzt. Och do ass d'Problematik eng villschichteg, och do ass d'Segregatioun e bësse méi grouss an do ginn et eng Rei vun Ursaachen.

Gott sei Dank, mengen ech, hu mer déi Situatioun net direkt hei am Land a mir sinn awer hei a Lëtzebuerg - ech paken Holz hei un - nach ëmmer an enger anerer Situatioun. Op déi Affären, déi Der ugeschwat hutt, déi hei an der Stad elo an de leschte Méint passéiert sinn, an de leschte Wochen a Méint, kann ech hei aus verständleche Grënn net agoen, well d'Enquêtes nach amgaang sinn. Mee mir maachen eis awer ganz kloer Suergen iwwer esou e Phenomeen an et ass net, dass mer direkt dorobber hu misse waarden, fir dass esou eppes och an dem Preventiounscharakter vun der Police ënnerwee ass, fir déi Opklärung ze maachen. Mee no deem Virfall zu Bouneweg, deem schreckleche Virfall - all Virfall, deen esou passéiert, ass een ze vill -, hate mir awer och direkt Kontakt ënnerenee mat der Stad Lëtzebuerg, och hei direkt mat der Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg. A mir hunn eis och kuerzfristeg duerno nach eng kéier zesummegeesat, fir ze kucken: Wéi eng Servicer sinn zoustänneg, fir kënnen d'Preventioun, déi Der selwer elo genannt hutt, ze maachen? A fir am Virfeld éischter d'Signal ze kréien: Wou ass dann elo eppes lass? Wou kënnen mer intervenéieren a wéi kënnen mer eis och an Zukunft besser opstellen, fir dass mer éischter do sinn an dass mer net d'Kand aus dem Pëtzen müssen huelen a kee ka schwammen? An da si mer ganz schlecht drun.

Dofir hate mer eng Reunioun de 4. Februar. Do waren eng ganz Rei vun Intervenanten dobäi. Ech wëll

se elo net alleguernten opzielen, mee et waren der och ganz vill. An dat ass ganz wichtig: déi eenzel Gemengen an hirer Responsabilitéit an hiren Zougang zu Sozialservicer. Et ass eng enk Zesummenaarbecht, déi mer brauchen, fir deem Phenomeen entgéintzewierken.

D'Approche ass ganz kloer, Dir hutt et gesot, eng global Approche. Wa mir müssen intervenéieren, dann ass et oft ze spët. Vlächicht awer zu der Situatioun: Dir hutt e puer Zuele virdu genannt, déi kann ech bestätegen. Et ass awer keng Tendenz, déi no uewe geet. Dat ass ganz kloer awer och an enger Question parlementaire beäntwert ginn un den honorabelen Deputéierten Här Keup, mengen ech, do hate mer och dem geäntwert gehat. Mir hunn net déi Situatioun, dass et organiséiert ..., am Begrëff vu Bande wären. Natierlech sinn et Frëndeskreeser, déi sech emol Rendez-vous ginn, wou se dann déi üblech Kläppereie maachen. Awer d'Situatioun, dass et zu deem deem ass, eng exceptionnel. An et ass, Gott sei Dank, net esou oft - a wéi gesot, dat kann ech nëmmen deploréieren - dass esou eppes passéiert.

Wat maache mer vu Preventioun? Dir wësst, dass mam Policegesetz vun 2018 d'Police administrative jo och d'Aufgab vun der Preventioun huet. An Dir hutt selwer gesot: Wat mécht d'Police um Terrain mat de Gemengen, mat de Schoulen, mat de Responsabelen, déi do ënnerwee sinn? D'Police ass ganz vill ënnerwee. Ech war elo viru Kuerzem selwer an Ärer Gemeng, wou ech déi Preventiounspoliceservicer nach eng kéier kennegeléiert hunn an och mat hinne geschwat hunn. Et gi Projeten zum Beispill zu Maacher an der Schwämm an och zu Réimech an der Schwämm, dat ass ee Beispill, wat ech elo ganz konkret am Kapp hunn, wou eeben d'Preventiounsmoosname gekuckt ginn: Wat kënnen mer mat de Schwammmeeschteren zesumme maachen, fir d'Konfliktsituatioun esou fréi wéi méiglech ze deeskaléieren an et net zu engem Ex-cès kommen ze loossen.

Dat heescht, d'lescht Joer ..., oder déi Jore virdrun, 2018 an 2019, ware se 1.000 Stonnen an de Schoulen, an de Primärschoulen an an de Lycéeën. D'lescht Joer leider e bësse manner, 560 Stonnen, awer och iwwer WebEx an esou weider oder iwwer Internet, fir mat den Intervenanten ze schwätzen.

Et geet drëms ... och d'Formation des formateurs ass wichtig aus der Policesicht. Dat heescht, mir ginn an d'Jugendhaiser mat deenen néidegen Educateuren, dass déi och d'Gefill kréien, wou eppes entstoe kann, a fir dass mer hinnen och déi néideg Kompetenze mat op de Wee ginn, fir matzäite kënnen ze reagéieren, an och déi néideg Connection, géif ech elo mengen, fir dann och deene Leit unzerrufen, déi spezialiséiert sinn an deem Beräich.

Eise Wonsch als Police, an dat dierf ech awer hei och soen, ass, dass een nach méi an d'Education erageet, well et geet vu ganz Klengem un, wou déi Preventioun muss gemaach ginn, dass mer och mat den Enseignanten an der Formatioun déi Preventiounspolitik wëllen ausüben, fir kënnen matzäiten och de Multiplicateur vun deenen, déi et richen, déi et merken ..., dass déi matzäite kënnen intervenéieren. An et ass, wéi gesot, e ganz globalen ..., niewent der Repressioun ass awer d'Preventioun e ganz wichtige Charakter.

Ech mengen, ech loosse nach e bëssen Zäit fir d'Justizministersch fir den zweeten Deel.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kox. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo d'Madamm Justizministersch Sam Tanson.

■ **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*.- Jo, merci dem Här Deputéierte Léon Gloden fir déi hei och ganz wichtig Fro an och dem Här Kox fir seng Explikatiounen. Ech ginn nach vlächicht e puer Zuelen als Complement aus dem Justizberäich.

Esou wéi den Här Kox et gesot huet: Et gëtt keng Indicateuren, dass et zu Lëtzebuerg eng Jugendbandekriminalitéit géif ginn, esou wéi dat vlächicht a verschiddenen Nopeschlänner de Fall ass. A mir setze jo natierlech och alles drun, dass et net dozou kënnst.

Nach ass et esou, dass et Mineure gëtt, déi sech strofbar maachen an déi Dote beginn, déi een och net kann onbeäntwert loosse. Wat d'Zuelen ugeet, esou ... Dir wësst, am aktuelle Jugendschutzgesetz, wat de Strofolet nach matcouvriert - ech kommen nach dorobber ze schwätzen -, gëtt et e Regëster, deen déi verschidde Strofdote repertoriéiert oder déi verschidde Facteure souwisou repertoriéiert. An do gouf an deene leschten zéng Joer ee Mannerjärege wéinst fräiwëllegem Dotschlag condemnéiert. A wann een d'Gewaltdoten insgesamt kuckt, déi ënner „coups et blessures“ falen - dat sinn d'Artikelen 398 an 399 vum Code pénal - Iwwert déi lescht zéng Joer gekuckt, gouf et ee Joer e Maximum vun 28 Condamnatiounen an deem Beräich, an dat war 2012. De Minimum war 4, dat war am Joer 2018.

Et ass ëmmer en Decalage och tëschent deem Moment, wou d'Saache geschitt sinn, an deem Moment, wou se natierlech zu Condamnatiounen féieren